



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 14 vum 10. November 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen.

Op d'Joren 2019 bis 2023 gekuckt, belafen sech d'Ausgaben fir d'Botzen vun den Zich a Busser bei der CFL op déi folgend Montanten (€):

Joer	2019	2020	2021	2022	2023 (bis Oktober)
Bus	53 975	172 790	187 361	104 550	87 957
Zuch	4 090 362	4 527 680	4 499 522	3 793 889	3 797 407
Total	4 144 337	4 700 470	4 686 883	3 898 439	3 885 364

Déi méi héich Zuelen an de Joren 2020 an 2021 sinn op d'Tatsaach zeréckzeféieren, dass wärend der Pandemie vum Covid-19 méi Desinfektioun-Produite benotzt goufen.

Niewent de regelméissege Propretéitskontrollen an eidel maachen vun de Poubellen, ginn d'Sëtzplazen an den CFL-Busser all 14 Deeg mam Staubsauger ofgesaugt an all 6 Méint mat engem speziellen Extraktiouns-Nassstaubsager ofgesaugt.

Beim Zuchmaterial gëtt all Dag eng Sicht-Prüfung gemaach a bei Bedarf gebotzt. A Funktioun vum Trafic, gi systematesch Sëtzplazen all Woch oder all zweet Woch gestaubsaugt. 5 mol am Joer ginn d'Sëtzer am Fong gemaach, also naass opgebottzt. Vu Moies 6 Auer bis Mëtternuecht ginn och all Dag bei deenen Zich mat méi engem laangen Openthalt an der Gare Lëtzebuerg, esou vill ewéi méiglech, d'Kontaktpunkte gebotzt.

Betreffend den Aarbechtsopwand an d'Zäit, brauch een fir ee CFL-Bus vun 12 Meter an ee CFL-Bus vun 13,7 Meter ongeféier 55 Minutten. Fir ee grouse CFL-Bus vun 15 Meter oder ee CFL-Gelenkwoon vun 18,75 Meter brauch een ongeféier 1h15. All 6 Meint gëtt bei der CFL eng grouss Botz gemaach, do gëtt alles ofgewäsch an déi dauert tëschent 3h30 – 4h30 je no Bustyp.

Beim Zuchmaterial versteet een als Waggon eng Unitéit déi +/- 27 Meter huet, dementspreechend besteet eng Automotrice aus 3 Unitéiten. D'Zäiten kënnen je no Typ vum Gefier a Botzoperatioun variéieren, woubäi d'Botzdauer sech dann tëschent 10-15 Minutten (all Dag) an tëschent 75-90 Minutten (1x pro Joer) beleeft.

Beim CFL-Busbetrib kommen all Dag 3-4 Leit vun enger externer Botzfirma an den Asaz.

Beim Zuchmaterial këmmert sech den CFL-Service Nettoyage mat 10 ETP'en (Equivalent Temps Plein) ëm d'Baussenwäsch vun de Gefierer an d'Koordinatioun vun der externer Botzfirma. Fir d'Bannenbotz vun den CFL-Gefierer ass eng extern Botzfirma beoptraagt, déi, fir kënnen hirer Missioun nozekommen, ca. 65 Persoune brauch.

Lëtzebuerg, de 7. Dezember 2023.

D'Ministesch fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes